N°1489
Entrée le 09.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden a vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°1489 vum 7. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen iwwert den "Prix de l'eau"**

1. **Kann d'Regierung d'Waasserpräisser fir Stéit vun den 100 Gemenge fir d'Joer 2024 opleschten, opgeschlësselt no Fixkäschten a variabele Käschten?**
2. **Kann d'Regierung d'Ofwaasserpräisser fir d'Stéit vun den 100 Gemenge fir d'Joer 2024 opleschten, opgeschlësselt no Fixkäschten a variabele Käschten?**

Den Tableau mat de Waasser- an Ofwaasserpräisser pro Gemeng gëtt reegelméisseg op Basis vun den approuvéierten Deliberatiounen aktualiséiert.

Den Tableau mat de Fixkäschten an de variabele Käschten fir d'Stéit pro Gemeng am Joer 2024 ass ugespéngelt.

3. **A wéi enger Gemeng ass de Waasserpräis fir d'Stéit am niddregsten a wou ass en am héchsten?**

Déi Informatioune sinn aus dem Tableau zu de Froen 1 an 2 erauszeliesen.

4. **Huet de Minister Zuelen, wéi vill Investitiounen an d'Waasserinfrastruktur an deene leschten 10 Jore pro Gemeng gemaach goufen?**

Kommunal Projete betreffend den Neibau, d'Extensioun oder d'Modernisatioun vun Drénkwaasserinfrastrukture kënnen ënnert verschiddene Konditioune vum MAINT subventionéiert ginn. Och vum Waasserfong kënne verschidden iwwerregional Drénkwaasserinfrastrukturen a verschidden Infrastrukturen fir d'Gestioun vu Reen- an Ofwaasser kofinanzéiert ginn.

Op Basis vun den arretéierte Gemengekonte betreffend d'Joren 2013 bis 2023 gouf eng Zesummefaassung vun den Investitiounskäschte pro Joer a Gemeng opgestallt. D'Analys konzentréiert sech op d'funktionell Klassifikatioun am Beräich „Alimentation en eau" (Code 63n).

Den Total vun den Ausgaben an dem Beräich vun all de Gemenge fir déi betreffend Period beleeft sech op 444.606.085,75 EUR. D'Donnéeë pro Joer a Gemeng gesäit een am ugespéngelten Tableau.

5. **Wéi vill gratis Drénkwaasserfontainen goufen bis elo installéiert (opgelëscht no Gemeng falls méiglech) a wéi vill sollen an deene nächste Joren opgestallt ginn? Wéi ënnerstëtzt d'Regierung d'Opstelle vun Drénkwaasserfontainen, fir dass den Accès op Drénkwaasser fir jidderee garantéiert ass?**

Fir d'Installatioun vun Drénkwaasserfontaine sinn d'Gemenge verantwortlech. No den Informatiounen déi der Waasserverwaltung aktuell virleien si bis elo 116 ëffentlech Fontainen installéiert ginn an dat verdeelt op 39 Gemengen. Laut Artikel 16, Paragraf 2 vum Drénkwaassergesetz vum 23. Dezember 2022 muss all Gemeng bis den 1. Januar 2029 an souwäit technesch méiglech den Accès zu

Krunnewaasser an ëffentleche Raim garantéieren. E Guide steet de Gemengen zur Verfügung mat Recommandatioune fir d'Planung an d'Kontroll vun dëse Bornen.

6. **Ass d'Regierung gewëllt, de Waasserpräis esou ze gestalten, dass eng minimal Quantitéit (zum Beispill déi éischt 50 Liter Waasser pro Dag / déi éischt 600 Liter pro Mount) fir all Awunner gratis wieren?**

   Laut Artikel 12 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008gëtt de Waasserpräis op Basis vum Käschtendeckungsprinzip berechent .

   D'Aféieren vun engem méiglechen gratis Volumen un Drénkwaasser gouf bis elo nach net um Niveau vun der Regierung thematiséiert.

Lëtzebuerg, de 9. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden